ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
29 MAI 2018
3838

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ëmmer méi dacks héiert ee vu Leit, datt si a psychologescher Betreiung oder psychiatrescher Behandelung sinn oder emol waren. Et sinn awer net just Erwuessener, déi dëse Wee iwwert de Psycholog oder Psychiater ginn oder gaange sinn, fir Hëllef a bestëmmte Liewenssituatiounen ze kréien. Et ginn ëmmer méi Jonker an och kleng Kanner, déi professionell Hëllef brauchen, well si mat hirer Liewenssituatioun eleng net fäerdeg ginn.

An dësem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Gesondheetsminister konkret Zuelen zur Entwécklung vun där Situatioun zu Lëtzebuerg? Wéi vill Mannerjäreger a wéi vill Erwuessener sinn oder ware respektiv 2013, 2014, 2015, 2016, 2017 an 2018 a psychologescher oder psychiatrescher Behandlung?
2. Wéi deele sech dës Zuelen no Alterskategorien op?
3. Wéi deele sech dës Zuelen no der Form vun der Behandlung oder Betreiung op (mat Medikamenter, ambulant, stationär, internéiert)?
4. Wéi hu sech d'Zuelen an deene leschten 20 Joer entwéckelt, besonnesch bei klenge Kanner a Jugendlechen?
5. Bedreift Lëtzebuerg Ursaachefuerschung an iergend enger Form? Sinn d'Resultater vun dëser Fuerschung, wann et si gëtt, ëffentlech zougänglech?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 3838 du 29 mai 2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant « l'évolution du suivi psychologique et psychiatrique pour adultes et enfants".**

---

D'Chiffere vun de Joeren 2013 – 2017, déi an dëser Äntwert presentéiert ginn, komme vun der Gesondheetskees (CNS) a bezéien sech ob Ofrechnungen. D'Chiffere vun 2017 si preliminär, well Patienten een Délai vun 2 Joer hu fir hir Rechnungen eran ze schécken (Artikel 84, Alinéa 3 vum Code de la Sécurité Sociale).

Donnéeën bezéie sech nëmmen ob Résidanten déi vun der CNS couvréiert sinn an zu Lëtzebuerg behandelt goufen.

Altersgruppe vu 5 Joer sinn esou opgebaut, dass ee Patient während 5 Joer an der selwechter Grupp bleift. Als Referenzdatum fir den Alter ze bestëmmen gouf den 31. Dezember 2017 geholl. Eng spezifesch Analyse fir Mannerjäreger war mat den Donnéeën, déi vun der CNS zur Verfügung gestallt goufen net méiglech.

Behandelunge vun Psychologen konnte net mat gezielt ginn, well se net vun der CNS rembourséiert ginn.

Considéréiert goufen nëmmen Medikamenter déi an den ëffentlechen Apdikten verkaft goufen. Medikamenter déi während engem Spidolsopenthalt verofreecht goufen konnte net berücksichtegt ginn, well se net erfaasst ginn.

**Fro 1** : Unzuel vun de Persounen déi zwëschent 2013 an 2017 eng medizinesch oder medikamentös Behandlung haten[1].

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| # patients âgés de moins de 20 ans au 31 décembre 2017 | 3 463 | 4 065 | 4 626 | 5 254 | 5 591 |
| # patients âgées de 20 ans et plus au 31 décembre 2017 | 102 645 | 106 062 | 105 700 | 105 701 | 104 078 |
| # patients ayant eu au moins une prestation de soins de santé ou ayant pris des médicaments[1] | **106 108** | **110 127** | **110 326** | **110 955** | **109 669** |

Source : CNS

[1] Ee Patient deen puer mol betreit gouf ass ee mol berechnet.

Zousätzlech zu dene Chiffren vun der CNS an am Kader vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 betreffend „l'aide à l'enfance et à la famille (AEF)" dierf den Office national de l'enfance (ONE) de Forfait 9 fir „consultation psychologique ou psychothérapeutique" ausbezuelen:

| | |
|---|---|
| Abrëll 2016: | 125 Mesuren Forfait 9 |
| Oktober 2016: | 123 Mesuren Forfait 9 |
| Abrëll 2017: | 175 Mesuren Forfait 9 |
| Oktober 2017: | 189 Mesuren Forfait 9 |
| Abrëll 2018: | 251 Mesuren Forfait 9 |

**Fro 2 :** Unzuel vun de Persounen no Alterskategorie, déi zwëschent 2013 an 2017 eng medizinesch oder medikamentös Behandlung haten[1].

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| 00-09 ans au 31 déc. 2017 | 261 | 439 | 653 | 894 | 1 203 |
| 10-14 ans au 31 déc. 2017 | 1 240 | 1 452 | 1 611 | 1 778 | 1 827 |
| 15-19 ans au 31 déc. 2017 | 1 962 | 2 174 | 2 362 | 2 582 | 2 561 |
| 20-39 ans au 31 déc. 2017 | 15 283 | 17 066 | 18 008 | 18 934 | 19 450 |
| 40-64 ans au 31 déc. 2017 | 45 032 | 47 603 | 47 947 | 48 415 | 48 062 |
| 65-79 ans au 31 déc. 2017 | 23 256 | 23 543 | 23 173 | 22 922 | 22 514 |
| 80 ans et plus au 31 déc. 2017 | 19 074 | 17 850 | 16 572 | 15 430 | 14 052 |
| **Total** | **106 108** | **110 127** | **110 326** | **110 955** | **109 669** |

Source : CNS

**Fro 3 :** Verdeelung vun den Zuelen no der Form vun der Betreiung zwëschent 2013 an 2017

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Consultations**[2] **:** # patients ayant eu une ou plusieurs consultations normales ou majorées du spécialiste en psychiatrie, pédopsychiatrie ou neuropsychiatrie | 20 827 | 20 997 | 21 279 | 20 684 | 20 231 |
| **Psychothérapies**[3] **:** # patients ayant eu une ou plusieurs séances de psychothérapies assurées par un médecin spécialiste ou non en ambulatoire ou en stationnaire | 19 408 | 20 104 | 20 680 | 21 768 | 20 742 |
| **Suivi CJ**[4] **:** # patients ayant eu une ou plusieurs demi-journées de suivi en centre de jour psychiatrique | 1 359 | 1 406 | 1 379 | 1 355 | 1 315 |
| **Structures**[5] **EGSP**[6] **:** # patients ayant eu une ou plusieurs journées de prise en charge des frais d'assistance psycho-socio-éducative des personnes protégées | 258 | 251 | 265 | 272 | 276 |

[2] Codes de nomenclature des actes et services des médecins : C9, C10, C32, C33

[3] Codes de nomenclature des actes et services des médecins : 1N51, 1N52, 1N60, 1N61, 1N62, 1N63, 1N64, 1N65, 1N66, 1N71, 1N72, 1N81

[4] Codes de nomenclature des actes et services des médecins : J1-J4

[5] Code de nomenclature du forfait journalier de prise en charge des frais d'assistance psycho-socio-éducative des personnes protégées à leur lieu de vie : W10

[6] Entente des gestionnaires des structures complémentaires et extrahospitalières en psychiatrie

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Stationnaire SN :** # patients ayant eu une ou plusieurs journées de traitement stationnaire dans un établissement de réhabilitation psychiatrique en soins normaux | 453 | 455 | 465 | 433 | 434 |
| **Stationnaire UF :** # patients ayant eu une ou plusieurs journées de traitement stationnaire dans un établissement de réhabilitation psychiatrique en unité fermée | 130 | 126 | 137 | 154 | 145 |
| **Prestations des médecins + structures EGSP :** # patients ayant eu une ou plusieurs prestations de médecin + structures EGSP (non mutuellement exclusives)[7] | 35 428 | 36 163 | 37 046 | 37 595 | 36 427 |
| **Médicaments[8] :** # patients ayant pris des médicaments | 98 951 | 102 844 | 102 805 | 103 214 | 102 112 |
| **Les deux :** # patients ayant eu au moins une prestation de soins de santé et ayant pris des médicaments[9] | 28 271 | 28 880 | 29 525 | 29 854 | 28 870 |
| **Total patients :** # patients ayant eu au moins une prestation de soins de santé ou ayant pris des médicaments[10] | 106 108 | 110 127 | 110 326 | 110 955 | 109 669 |

Source : CNS

**Fro 4 :** Generell ass eng representativ Analyse vun den Zuelen aus den 20 leschte Joeren net méiglech, well nei Akten zwëschen 2007 an 2008 an d'Nomenklatur bäikomm sinn.
Wa néidesch kann d'CNS Donnéeën fir eng zousätzlech 5 Joer exploitéieren an schécken.

**Fro 5 :**
Der Direction vun der Santé ass keng Ursaachefuerschung zu Lëtzebuerg bekannt.

[7] Un patient intervenant plusieurs fois est compté une seule fois.

[8] Médicaments considérés : antipsychotiques, ou anxiolytiques, ou hypnotiques et sédatifs, ou antidépresseurs, ou psychostimulants, agents utilisés en cas de trouble-déficit de l'attention/hyperactivité (TDAH) et nootropiques, ou psycholeptiques et psychoanaleptiques en association, ou anti-démence

[9] Idem supra

[10] Idem supra